## AN DER EVAKUATIOUN.

Datt mir Schefflénger grouss Hëllef an Ennerstetzong vu säitens deene Geméngeverwaltongen an deene Bierger wou mir während 8-lo Wochen Evakuatioun erhale a kritt hun, dat soll an dierf nët vergiess sin a gin. d'Evakuatioun wor fir déi Schefflénger eng schwéier Zäit, eng Zäit vu Baangen, Hoffen a Verlaangeren. D'Maansleit haten keng Aarbecht, keng Pei, kee Verdéngst. Deen eenzege Verdéngst deen de Mann oder d'Fra an d'Hänn kritt huet wor d'Stempelgeld a soss näischt, an dat erspuerte Geld wor séier verdunn an opgebraucht. Alles, jidvereen huet sech Suerge, Gedanke gemaacht, huet gebaankt, gehofft, sech gefrot wéi geet et virun, wéi geet et weider wéini kënne mir nees heem ?

Et wor de 7-8te Juli 194o wéi d'Uerder komm ass Scheffléng ass fräi, alles kann erëm heem, du ass endlech ee Wonsch an Erfëllong gaang wou déi Schefflénger Bierger sou lang gehofft an gewaart haten.

## D O H E E M .

d'Schefflénger Bierger , grouss an kleng , woren frou zefridden an glécklech er¨em doheem ze sin.D!Schefflénger Bierger haten hier Uertschaft , Haiser, Wunnénge propper an nett verlooss, mä wéi hu si alles erëm fond a gesin. Alles wat si duurch Aarbecht, Schweess zesumme gespuert haten, woor zum gréissten Deel verknascht, verdréckst an zerstéiert, an den Zëmmeren lung alles dorueter wéi Hee a Strei. d'Wunnéngen, d'Zëmmer, de Späicher de Keller alles duurchwullt, alles op der Kopp, d'Schief woren ausgepl¨ennert. Tierangen eraus gerappt, d!Telleren an d'Tase gebrach asw... villes wor gestuel, verschwonn, verschleeft. Traureg awer wouer., iwwerall Dreck, Knascht, Stëps a Gestank, Amaachglieser mat Uebst, Geméiss Gebäsglieser gebrach, zerstéiert huet dat misse sin ? woufir dat alles ? Woren dat Menschen oder Schwäin, woren dat déi Wëll oder déi Nei Härerass ?

Nodeem d'Preisen, d'Hitlertruppen eist Ländchen iwwerfall, vergewaltegt, besat haten, sech als Här a Meeschter opgefouert hun, wéi dun déi Giel, brong Nazibonzen d'Letzebuerger Preisem a Verréider hier Kuarten op

den D¨ësch geluecht hun, du ass am ganze Land Graul, Haass a Misstrauen géint d'Nazi Hitlerdäitschland opkomm an ëmmer mei grouss gin sou och zou Scheffléng. Kaum aus der Evakuatioun zeréck hu verschidde Schefflénger: Albert Wingert, Profant W, Arenddorf R, Doffing J. asw.. sech zesumme fond an hun d'Widderstandsgrupp ALWERAGE gegrënnt., a weiderhin wor nach eng Resistenzbewegong, déi sech Kommunistesch Kampfgrupp genannt huet, et woren dat: Adamy Valy, Haas Pir, Diderich Hein, Steinmetz Léo, Felten Jacques ,Wolter Willy asw.. Duurch Verrot gouf am Juli 1942 den Albert Wingert a en Déel vu séngen Mataarbechter wéi och d'Kapfgrupp duurch d'Gestapo verhafft a festgesat, a spéider no Hinzert verschléeft.Déi zwou Resistenzbewegongen hun duurch hir Resistenz hire Patriotismus, hir H¨ellef, Propaganda, verdeelen vun Zeitongen ,Flugziedelen, Photoen, Sabotagen a Spionage eng séier gross Roll an der Entwécklong vun der Lëtzebuerger Resistenz bäigedroen., den Arenddorf Raymond an den Adamy Vali hun hiert Liewen am K.Z. fir hire Patriotismus verluer .......

Et wor am September 194o wéi zu Scheffléng an der Ellerstrooss op No.11 am Haus Parasch Fraas.,vu 6 Patrioten d:'Resistenz Organisatioun R.L. (roude Léw )gegrënnt gin ass. D'Grënner vun deser Organisatioun woren folgend Persounen:Braun Jäng, Haas Jäng, Parasch Fraas,Pir Roden, Madame Parasch Fraas an d'Madame Haas Jäng. Sectioun R.L. Scheffléng, wor an asss déi eenzeg Widderstandsorganisatioun am Land, wou zwou Damme Matgrënner bei esou énger Aktioun waren.

D!Madame Parasch Fraas an d'Madame Jäng Haas woren Patrioten par excellence, woren Widderstandskämpfer no. 1. Vun desen Grennongsmitglieder sin nach zwou Persounen um Liewen. Wéi du speiderhin de Kontakt mat Komeroden aus der L.R.L.Déifferdang zoustane komm ass, do ass aus dem R.L. een L.R.L.entstanen., dat wëllt soen, letzebuerger roude léiw = R.L. d!L.R.L.Scheffléng wor eng matden éischten, beschten organiséierte Widderstands Bewegong aus dem Land an huet an der Nazizäit 194o-1945 séier grouss, vill a gutt Aarbecht geleeschta gemaach .....

De Sënn an den Zweck seitens dëser Organisatioun wor sech voll a ganz anzesetzen. fir Fräihet, Recht a Friddən, mat Geigenpropaganda, Sabotage asw., de Preisen, den Naziën entgéint ze wierken. Allen deenendéi duurch d'Killerbarbaren a Misär wéi Ongleck geroden sin, ze hëllefen, ze ennerstëtzen a bäizestoen. Mat gréisster Virsiicht, Iwwerleongen, Emsiicht sin déi Verantwortlech seitens der Organisatioun virgaang an hun och esou gehandelt. Devise wor, kucken, lauschteren, héieren, stomm wéi e F"esch , verschwige wéi eng Auster a schlau wéi e Fuuss, datt dat sech belount huet an och bezuelt gemaach huet, huet sech am Laaf vun der Zäit bewisen, an de Nazien, de Gielen, de Brongen wéi der Hitlerarméi, munnech Streech wéi Schlaag versat a gin. Lues a lues as d'L.R.L. Scheffleng ëmmer méi grouss gin an huet u Mëmberen zougeholl an ass ëmmer méi stark a aktiv gin. D'Aarbechte seitens der Organisatioun woren d'Hierstellen vu Fotoën vun eiser Grande-Duchesse Charlotte a vum Prënz Jean., vu Lëtzebuerger Geldschäiner, der Gëllefra asw... Ophänke vun dem l"etzebuerger Fuendel, Verdeelen vu Flugblieder, Ziedelen, desweideren sin Emblëemer gemach gin, wéi Spéngelen, Wopen Réng, Häerzer, Krawattenodelen asw.. alles aus Lëtzebuerger 2 a 5 Sou, 5 a lo Frangstécker. A vun dem Resistenzler Jäng Haas as e Gedicht gem maach gin esou wéi verdeelt. (De roude Léiw. 1941.)

Den Drock seitens de Naziën gët ëmmer méi grouss a méi uereg, mat alle Mettele g"et versicht d'Lëtzebuerger kleng a gefügeg ze man. Dag fir Daggëtt Populatioun gehetzt, gejot, schikanéiert a provozéiert.,d'Paroll seitens de Naziën, Gestapo, SS an SA ass: willst du nicht mein Bruder oder mit mir sein , so wirst du vernichtet, oder wir schlagen dir den Schädel ein. Propaganda, Gewalt, Ennerdréckong, Zwang, Schikanen, Veruerdmongen woren d'ABC vun den Nazihären., nët genuch datt si d'Gëllefra demoléiert, den Adler vun Duelem gestuel hun. D'Lëtzebuerger Meedercher a Jongen an den R.A.D. gepresst, eis fräiw"elleg Coppanie no Däitschland verschleeft, Fraen a Meedercher gezwongen hun schaffen ze goen. Männer a Jongen no Däitschland dienstverpflicht, eis Sprooch a Lidder verbueden, eis Lëtzebuerger Geldscheiner verbrant hun asw., asw...

De Graul, Haass,Widderstand géint Nazidäitschland a géint déi lëtzebuerger Verréider, déi fir Judasloun d'Hémecht verroden hun ass ëmmer méi grouss gin an huet Dag zu Dag zougeholl. Trotz Drock Spetzelei, aner Mesüren, Verrod, Verhaftongen, Ëmsidelong, Prisong, KZ asw... ass d'Resistenz am Ländche viru gefouert gin an och esou bei der Widderstandsgrupp L.R.L. Scheffléng.

Mat Ëmsicht,Mutt, Energie a Courage ass de Schefflénger Resistenzler Madame Haas-Keisser, Camille Kayser an Haas Jäng gelonge mat inlännesche ewéi auslännesche Resistenzler Kontakt ze kréien anmat hinnen aktiv ze schaffen. Dat dëss Kontakter vun grousser Wichtegkeet a Bedäitong waren, huet sech spéiderhin bewiisen an wouer gemaacht.

Propaganda, Vernichtongs an Doudesmachinerie vun Nazidäitschland leeft iwweralll op Heichtouren,Ëmsidelong a Verhaftongen stin op der Dagesuerdnong.KZ.-a d'Prisonge fëlle sech vun Stonn zu Stonn mat gudde Patrioten... D'Joer 1942 ass fir déi Schefflénger Resistenzler a séng Bierger vun Angscht, Schrecken Qual a Gewalt. Durch Verod a Spitzel gët d'Widderstandsgrupp ALWERAGE an de Grupp K.K. vun der Gestapo am Juni-Juli ze soe ganz opgeriwwen a verhafft, bis op e puer déi sech dem Zougrëff ëntzéie konnten. Aus Protest géint Veruerdnong vum Gauleiter Simon ( allgemeine Wehrpflicht für Luxemburg) leën d'Aarbechter op Wierk Scheffléng d'Aabecht nidder.

En Acte de Résistance seitens den Aarbechter vun dem Wierk Scheffléng,en acte deen d'ganz Welt ophéieren gelooss an an Erstaune gesat huet.De klengen Zwerg Lëtzebuerg géint de Goliath Nazidäitschland. Et ass den 31.August 1942 wéi owes ëm 6 Auer den Aarbechter Adam Hans, de Bier (Tuut) op Wierk Scheffléng haule geloss huet, an zwar aus Protest géint dem Gauleiter Gustav Simon séng Veruerdnongen., hun d'Aarbechter d'Aarbecht niddergeluecht an d'Schelz verlooss. Et war e Protest géint Tyrannei Diktatur. kee Lëtzebuerger an d'Däitsch Wehrmacht, kee Lëtzebuerger Jong an déi verhaasste preisech Uniform.d'Lëtzebuerger Jongen dierfen nett fir Nazidäitschland verbludden,si si kee Kanounefudder. Eis Jongen duerfen nett fir en Hitlerstaat geschluecht a gemuert gin.

Mat alle Mettelen déi d'Nazischergen an d'Gestapo zur Hand haten hu si gebrauch gemaach, hu mat Gummikneppel,Liederbaatsch,Fareschwanz, mat Fouss a Fauscht d'Aarbechter bluddeg geschloën a schickanéiert e groussen Deel vun den Aarbechter koum an e KZ, Prisong oder Lager. Den Aarbechter Adam Hans gouf zum Doud veruerteelt a gekäppt ewéi och den Aarbechter Biren Eugène e goufgzu Hinzert erschoss.
d'Madame Adam, d'Madame Biren si mat hire Kanner no Däitschland verschleeft gin. Ps: dëse Streik (Grève) op Wierk Scheffléng wor eng actioun vu Patriotismus en acte de résistance deen nëmmen an eleng duurch d'Aarbechter erfollegt an ausgeféiert gin ass. Ouni Erbaarmen an ouni Gnod, rücksichtlos gin d'Menscherechter zerstéiert a mat Féiss geträppelt, an dat alles fir"Führer, Volk und Vaterland " , et ass den Oktober 1942 wéi déi iescht Jongen agezu gin.